



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Léif allegueren,

Hei e puer Andréck vum grouse Clevermove-Dag um I.N.S.

Am Kader vun der 1. Nationaler Bewegungswoch gouf de 7. Juni 2023 um I.N.S. de grouse Clevermove-Dag organiséiert. D'National Bewegungswoch ass den Nofolger vum Schoulsportdag, deen an de Grondschoule säit ville Jore bekannt ass. Dësen Nofolgerprojet, bei deem nach méi d'Bewegung an net direkt de Sport an der Vitriinn steet, huet sech iwwer eng ganz Woch gestreckt, fir all interesséierter Schoul a Klass den néidegen zäitleche Sputt ze loossen, fir matzemaachen. Heifir gouf vum SCRIPT a senge Partner eng grouss Panopli vu Prinzipien, Aktivitéiten a Rotschléi ausgeschafft. Iwwert den neie Site www.bewegung.lu konnten a kënnen d'Schoulen, gestaffelt no Cycle an Theemeschwéierpunkt, Aktivitéite fannen, déi se an där Woch (an natierlech doriwwer eraus) kënnen ausprobéieren.

De groussen Highlight vun der Bewegungswoch war de Clevermove-Dag, deen de SCRIPT zesumme mam Sportsministère organiséiert huet. Op dësem Mëttwoch hunn 30 Cycle 3-Klassen aus de 15 Regionaldirektiounen e ganzen Dag zesumme verbruecht, op deem si ënnerschiddlech Sportarten a Bewegungsateliere matmaache konnten. Mat Hëllef vu ville Sportsfederatiounen, der ENEPS, enger professioneller Dänzerin, Street Racket, der LASEP, der VdL, Restopolis a virun allem och dem Sportlycée konnten déi ronn 500 Schüleriinnen a Schüler ganz ënnerschiddlech Saachen ausprobéieren; ugefaang mat méi onbekannte Sportarten wéi dem Capoeira, iwwer verschidde Ballsportarten, den Danz, de Rugby, de Vélo hin zu villen Aktivitéiten, déi si och an hiren normale Schoulalldag an de Kllassesall kënnen abauen. D'Kanner aus dem Cycle 3 haten de ganzen Dag bei perfektem Wieder vill Spaass a konnte sech gutt auspoweren. Mir freeën eis schon op d'Editioun 2024!

Fannt [hei e puer Andréck an Erklärungen](#) zu der Bewegungswoch an dem Clevermove-Dag.

Mat beschte Gréiss

Den Organisatiounsgrupp vum SCRIPT

info@bewegung.lu

